Commune de **BERTRANGE**

# CLUB AM SCHLASS



ABRËLL - JULI

**2025**



# VIR**WUERT**

Endlech ass déi kal a gro Zäit eriwwer an dat gutt Wieder kennt erëm eraus. Mir hunn eis Méi ginn Iech fir déi méi sonneg Zäit vum Joer och e puer flott Ausflich auszesichen an hoffen Iech all gesond a monter mat op den Tour ze huelen. Am Fréijoer an am Summer hu mir do och vill méi Méiglechkeeten an et mécht ëmsou méi Freed eppes ze ënnerhuelen.

Eis beléiften Trëppeltier mam Ed Pansin bleiwen natierlech weider bestoen, genau sou ewéi eis gemittlech Filmnomëtteger.

Eng Rëtsch un interessanten Tier hu mir natierlech och ageplangt. Mir fänken u mat zwou Visitten an eiser Stad wou mir d'Chambre des Députés an d'Bock-Kasematte kucke ginn. Dat ass awer just den Ufank. Ewéi all Joer maache mir mat eiser Kommissioun 50+ e flotten Ausfluch. Dëst Joer geet et an d'Vulkan Eifel wou mir eng nostalgesch Zuchfaart an eng Visitt vum Klouschter zu Maria Laach maachen. Besiche wäerte mir awer och de belsche Park „Le Crocodile Rouge" a mir maachen eng Schëfffaart vu Bonn op Linz am Rhein. D'Summerfest ass erëm den Ofschloss virun der Summervakanz.



Mir freeën eis op Iech.

Mandy a Sharon


10


14


codile
ouge
OTTAWA - GATINEAU
16


28


24

# CONTENT


Trëppeltier 06

Visitt vun der Chambre des Députés an de Bock-Kasematten 10

Konferenz „Phishing“ mat GoldenMe 12

Ausfluch op Maria Laach - Kommissioun 50+ 14

Visitt vum Park „Le Crocodile Rouge“ 16

Filmnomëtteg „Die Rettung aus der bekannten Welt“ 18

Save the date - Chrëschtmaart Bréissel a Bruges 20

Filmnomëtteg „Cocorico“ 22

Schëfffaart vu Bonn op Linz am Rhein 24

Filmnomëtteg „Rusty Boys“ 26

Summerfest Kommissioun 50+ 28

Fotosréckbléck 30

Notizen 44

Informationen / informations 47




# TRËPPEL**TIER**

mam Ed Pansin



# Wandern ist die vollkommenste Art der Fortbewegung, wenn man das wahre Leben entdecken will.

Henry David Thoreau

Endlech kënne mir de Wanter hannert eis loossen an eis erëm op méi waarm Deeg freeën, wou alles vill méi Spaass mécht an een och vill méi Loscht huet dobaussen ze sinn. Wat gëtt et do méi Schéines ewéi mat eisem Ed Pansin flott Tréppel Weeër ze entdecken.

D'Departe gitt Dir bei der Umeldung gewuer. Wa mir net am Duerf ginn an Dir keng Méiglechkeet hutt fir selwer op den Treffpunkt ze kommen, versiche mir lech gären eng Matfuergeleeënheet ze organiséieren.

Konditioun: Gutt zu Fouss

Vergiesst och wannechgelift net fest Schong a Gedrénks matzehuelen!

D'Participatioun erfollegt op eege Verantwortung.



**i**

**22.04.2025**
14.00 Auer
5 - 8 KM

---

**06.05.2025**
9.00 Auer
5 - 7 KM (Moies)
+/- 3 KM (Mëttes)

---

**20.05.2025**
14.00 Auer
5 - 8 KM

---

**03.06.2025**
14.00 Auer
5 - 8 KM

---

**17.06.2025**
9.00 Auer
5 - 7 KM (Moies)
+/- 3 KM (Mëttes)

---


**01.07.2025**
14.00 Auer
5 - 8 KM

---

**Umeldung bis de jeeweilegen Dag virdrun!**
*(eng Woch virdru wa mir dee ganzen Dag ginn)*

# PROGRAMM

Abrëll - Juli





# VISIT CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Chambre des Députés & Bock-Kasematten





Haut féiert eisen Tour eis an eis wonnerschéin Haaptstad. Anescht ewéi soss, huele mir den ëffentlechen Transport.

Mir fänken u mat enger Visitt vun eiser Chambre des Députés. Dëst ass eng flott Geleeënheet, fir méi iwwert déi politesch Aarbecht an d'Demokratie an eisem Land gewuer ze ginn.

Fir eis no eiser Visitt ze stäerken, gëtt et e gudde Maufel am Restaurant Brasserie du Cercle z'iessen. Eise Menü ass follgenden:

- Oeuf parfait, Lënsencrème an Ham-Chips
- Saumon mat Geméis, Wäiss Wäin Zooss a Gromperepurée

Duerno geet et weider an eis Bock-Kasematten. D'Bock-Kasematte sinn eng vun de bekanntsten histореschen Attraktiounen an der Stad a stinn zanter 1994 op der Lëscht vum UNESCO-Weltkulturierwen. Si hunn als Schutz, als Lagerraum an och als Fluchtwee a Krichszäite gedéngt. Mat enger Längt vu bal 17 Kilometer (fréier) sinn d'Kasematten e Meeschterwierk vun der Ingenieurskonscht. Si bidden eng faszinéierend Rees duerch d'Geschicht vun der Festungsstad Lëtzebuerg.



**23.04.2025**

Depart: 9.15 Auer
Retour: 16.30 Auer

Gemeng

65€ (mat Iessen
+1 Glas Crémant
+1 Glas Wäin/Béier/
Softdrink+ Waasser)

**Umeldung bis den 11. Abrëll 2025**

# KONFERENZ **PHISHING**

Mat GoldenMe





Wärend dëser Konferenz beschäftege mir eis mat Phishing, deene verbonnene Mechanismen a Strategien, a mir erklären, wéi Dir Iech schütze kënnt.

No dëser Konferenz:
- Verstitt Dir déi psychologesch Techniken, déi bei Phishing-Attacke benotzt ginn
- Wësst Dir wéi ee verdächteg E-Maile, Uriff oder Messagen erkenne kann
- Gitt Dir sécher mat Linken, Unhäng, E-Mailen a Messagen ëm
- Kënnt Dir déi verschidde Reaktiounsstrategien a wéi ee se uwende kann.



**24.04.2025**

14.00 -16.00 Auer

Maison Schauwenburg (2. Stack)

Gratis

Lëtzebuergesch

**Umeldung bis den 16. Abrëll 2025**

# AUSFLUCH **OP MARIA LAACH**

Kommissioun 50+



An Zesummenaarbecht mat der Kommissioun 50+, organiséiert de Schäfferot eng Visitt op Maria Laach. Moies fuere mir op Brohl-Engeln wou mir mam Eifel-Express, engem alen Zuch, eng nostalgesch Faart duerch de schéine Brohldall maachen. Bewonnert déi schéin Naturlandschaft vun der Eifel wärend dir lech fillt ewéi fréier. Fir d'Mëttegiesse kréie mir e Buffet op der Gare zu Engeln a fueren duerno mam Bus weider op Maria Laach. D'Benedikterklouschter ass dat berüümtst Bauwierk aus der Eifel a gehéiert zu de bedeitendste romanesche Baute vun Däitschland. D'Abtei verbënnt reliéis Traditioun, kulturellt lewen an eng idyllesch Landschaft. Mir ginn hei vill iwwert Vulkanismus an de Laacher Séi gewuer, awer och iwwert d'Betriber, d'Architektur an d'Liewen am Klouschter.

Um Heemwee iesse mir zu Leideleng nach eng Klengegkeet.





**08.05.2025**

Depart: 7.00 Auer
Domaine Schwall

Depart: 7.10 Auer
Gemeng

Depart: 7.20 Auer
ArcA

Depart: 7.30 Auer
Arrêt Fleuri

**Umeldung bis den 18.04.2025**
(Uginn ob Dir mat iesse gitt)

**Owesiessen**

19.00 Auer

Leideleng

25€ (Awunner vu Bartreng >60 Joer)

60€ (Awunner vu Bartreng <60 Joer)

100€ (Begleetpersoun oder net Awunner vu Bartreng)

# VISITT AM PARK

Le Crocodile Rouge



Eisen Tour féiert eis haut an de Park „Le Crocodile Rouge“ wou mir mat enger guidéierter Féierung vum gréisste Staudamm an der Belsch ufänken. Mir maachen eng Rees an d'Häerz vum Staudamm wou Dir Erklärungen iwwert seng Roll a säi Fonctionnement kritt.

Ausserdeem wäerte mir iwwert den deels verglaasten „Skywalk“ trëppele wou Dir wonnerschéi Vuen iwwert de ganze Séi bewonnere kënnt.

Mëttes kréie mir dann am Croco Café e gudde Maufel z'iessen. Um Menü steet:

- Eng Apero Planche
- Eng Carbonnade de Boeuf

Nom Mëttesdësch maache mir dann nach een Tour mam Amphibus, e Bus deen iwwert Land a Waasser fiert, a maachen een Tour a kréie wärend deem flott Informatiounen an Anekdoten iwwert de Park erzielt.

**21.05.2025**

DEPART: 7.30 AUER
RETOUR: 18.30 AUER

Gemeng/Dicks/ArcA/Fleuri

105€ mat Iessen (ouni Gedrénks)

**Umeldung bis de 6. Mee 2025**



# FILMNOMËTTEG

DIE RETTUNG DER UNS BEKANNTEN WELT | *Ein Film von Til Schweiger*








Die Stimmung des 18-jährigen Paul (Emilio Sakraya) schwankt häufig zwischen Manie und Depression. Paul hat eine bipolare Störung und sein Vater Hardy (Til Schweiger) weiß nicht, wie er damit umgehen soll. Er liebt seinen Sohn sehr, fühlt sich aber nicht in der Lage, ihm wirklich helfen zu können. Als eine von Pauls depressiven Episoden mit einem Selbstmordversuch endet, weist Hardy ihn in ein Therapiezentrum für psychisch kranke Jugendliche ein. Während Hardy von Pauls Geschwistern Fragen zur bipolaren Störung gestellt bekommt und sich deswegen hilfesuchend an seine Arbeitskollegin Anni (Bettina Lamprecht) wendet, trifft Paul in der Klinik auf andere Jugendliche, die von psychischen Problemen geplagt werden. Dazu gehört auch Toni (Tijan Marei). Sie wurde von ihrem Onkel missbraucht und musste sich von ihrer Mutter sagen lassen, dass sie selbst Schuld daran sei. Toni und Paul hauen in einer manischen Nacht-und-Nebel-Aktion aus der Klinik ab. Es folgt der glücklichste Tag im Leben der beiden Jugendlichen. Doch Pauls Krankheit geht davon nicht weg.



**21.05.2025**

15.00 Auer

ArcA

Gratis

136 min

**Umeldung bis de 14. Mai 2025**

# SAVE THE **DATE**

Vakanz – Bréissel & Bruges





Mir fuere vum 03. Dezember bis den 05. Dezember
op de Chrëschtmaart op Bréissel an op Bruges.
De geneeë Programm mat de Präisser kënnt no.

# FILMNOMËTTEG

COCORICO - ON NE CHOISIT PAS SES ANCÊTRES | *Un film de Julien Hervé*





Sur le point de se marier, Alice et François décident de réunir leurs deux familles. Pour l'occasion, ils réservent à leurs parents un cadeau original : des tests ADN pour que chacun puisse découvrir les origines de ses ancêtres.

Mais la surprise va virer au fiasco quand les Bouvier-Sauvage, grande famille aristocrate, et les Martin, beaucoup plus modestes, découvrent les résultats, pour le moins… inattendus !






11.06.2025

15.00 Auer

ArcA

Gratuit

91 min

**Inscription jusqu'au 4 juin 2025**

# SCHËFF**FAART**

Vu Bonn op Linz am Rhein






Op dësem Ausfluch maache mir eng Entdeckungsrees an dat attraktiivt Ëmland vu Bonn. Mir fuere bis op Bonn wou mir eng Bootstour vun ongeféier zwou an enger hallef Stonnen um Rhäin maachen. Mir fueren a Richtung Linz laanscht romantesch Wënzeruertschaften a Buergen, mir gesinn awer och dat molerescht Siebengebirge. Ukomm zu Linz gëtt et e guidéierte Rondgang duerch d'Stad an Dir hutt e bësse Fräizäit éier mir erëm zeréck fuere mam Schëff. Linz ass bekannt als „bunte Stadt am Rhein" a bitt eng wonnerschéin historesch Alstad.

Mir kréien ënnerwee op Linz um Schëff z'iessen. Eise Menü ass follgenden:

- Pouletsgeschnetzeltes mat Spëtzelen a Bäilagen
- Äppel- oder saisonale Kuch
- Waasser a Softdrinks ënnerwee vu Bonn op Linz (Aller)

Kommt mat an entspaant mat eis op enger gemittlecher Schëfffaart a schlendert mat eis duerch Linz.

**18.06.2025**

Depart: 07.15 Auer
Retour: 21.15 Auer

Gemeng/Dicks/ArcA/Fleuri

100€ (mat Iessen + Softdrinks + Kaffi)

**Umeldung bis de 21. Mee 2025**

# FILMNOMËTTEG

RUSTY BOYS | *Ee Film vum Andy Bausch*





**25.06.2025**

15.00 Auer

ArcA

Gratis

90 min

**Umeldung bis de 14. Mee 2025**

Véier eeler Hären hunn es genuch, sech vun anere soen ze loossen, wat dat bescht fir si wier, an decidéieren, eng autonom Wunngemeinschaft ze grënnen.

Mä dat ass méi einfach gesot wéi gemaach, well et feelt u Suen, an all déi bei deenen se gemengt hunn e Steen am Briet ze hunn déi gëtt et entweeder scho laang net méi, oder se erënneren sech net wierklech u se, oder se sinn ze knéckeg a verschrullt fir eppes bäizeginn.

An da sinn do och nach hir Kanner, déi entweeder Misär maache well se selwer d'Enner net zesumme kréien, géint nei Relatioune vun hiren alen Eltere sinn oder en ale Stot un d'Tierkele bréngen.

Mä absënns den Nuckes gëtt als alen 68er Protestler es net midd, um gemeinsame Plang festzehalen. En huet et just mam Häerz, mee och dat mécht en net ëm en Auswee verleeën, a sou zéien seng dräi Kolleege weider mat um dacks bossegen a laange Wee an d'Autonomie.






# SUMMERFEST

Vun der Kommissioun 50+



Wer sich im Sommer über die Sonne freut,
trägt sie im Winter im Herzen

Rainer Haak




Esou lues freeë mir eis all op d'Summervakanz, wou et bei jidderengem vläicht ee bësselche méi roueg gëtt an een sech gutt erhuele kann.
Ier mir déi lescht Aktivitéite vum Club am Schlass hunn, wëlle mir Iech zesumme mat der Kommissioun 50+, als Ofschloss fir eng ganz flott Saison, häerzlechst op eist Summerfest invitéieren.



**02.07.2025**

11.30 Auer

Duerfgaart

25€ (Iesse mat Dessert + 1 Aperitif + 1 Kaffi an et gëtt op der Plaz bezuelt)

**Umeldung bis de 14. Juni 2025**

# FOTOS RÉCKBLÉCK

November 2024 - Januar 2025




AKTICA
PENTACON
auto
1.8/50
MULTI COATING










SOPINOR
SOPINOR

















## CHRËSCHTMAART STROOSSBUERG














VIN CHAUD

# FÊTE SENIORS









15.12.2024


















H&M











## LONKECH & LONGLAVILLE
























# NOTIZEN



Maacht Iech hei Notizen zu den Aktivitéiten déi Dir maache wëllt


Commune de **BERTRANGE**

# Shared Space

## RÈGLEMENT PRINCIPAL

- La voie publique est ouverte à la circulation motorisée, cycliste et piétonne
- Vitesse maximale autorisée de 20km/h
- Priorité à droite absolue
- Le stationnement est interdit sauf sur les emplacements aménagés

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1 | Stadion André Wolff | 64 | 4H max |
| 2 | Kierfecht | 30 | 4H max |
| 3 | Duerfgaart | 9 | 2H max |
| 4 | Beim Schlass | 8 | 2H max |
| 5 | Beim Schlass | 13 | 1H max |
| 6 | Oppert | 12 | 2H max |
| 7 | Schauwebuerg | 8 | 1H max |
| 8 | Gemeng | 24 | 2H max |
| 9 | Am Zentrum | 125 | 4H max |
| 10 | Atert | 22 | 4H max |
| 11 | Tennis | 18 | 4H max |
| 12 | Péitruss | 83 | 4H max |
| 13 | Apdikt | 4 | 1H max |
| A | ArcA (SANS DISQUE) | 37 | 48H max |




**JOURS OUVRABLES DU LUNDI AU VENDREDI DE 08H00 À 18H00**

# INFORMATIONEN **INFORMATIONS**

## WICHTIGE HINWEISE:

Die Teilnahme an Aktivitäten erfolgt auf eigene Verantwortung.

Anmeldungen werden telefonisch und per E-Mail entgegengenommen. Sie werden umgehend informiert, ob ein Platz frei ist oder ob Sie auf der Warteliste stehen.

Wurde Ihnen mündlich oder per E-Mail ein Platz zugesichert, dann überweisen Sie binnen 7 Tagen den entsprechenden Betrag mit dem korrekten Vermerk.

Ihre Anmeldung ist verbindlich.

Sollten Sie aus gesundheitlichen Gründen absagen müssen, so informieren Sie uns sofort. Unter Umständen können wir Ihren Platz an einen Interessenten weitergeben. Die für uns entstehenden Unkosten werden nicht zurückerstattet.

Bei vielen Aktivitäten werden Fotos von den Teilnehmern gemacht. Diese werden zur Publikation genutzt. Sind sie nicht damit einverstanden, dass ein Foto von Ihnen veröffentlicht wird, dann teilen Sie uns dies schriftlich mit.

## *AVIS IMPORTANTS:*

*L'usager participe aux activités à ses propres risques. La commune décline toute résponsabilité en cas d'accident.*

*Les inscriptions aux activités se font soit par téléphone, soit par courriel.*

*En cas de confirmation de votre inscription, veuillez effectuer le paiement dans les meilleurs délais.*

*Votre inscription est contraignante.*

*Si vous êtes dans l'incapacité de participer aux cours pour des raisons médicales, veuillez-nous en informer dans les meilleurs délais. Le cas échéant, votre place sera confiée à une personne sur la liste d'attente. Les frais d'inscription ne peuvent être remboursés dans aucun cas.*

*Lors de toute activité, des photos peuvent être prises et peuvent être reprises dans des publications. Si vous ne voulez pas figurer dans des publications, veuillez nous en informer en avance et par écrit.*

### Einschreibungen / Inscriptions

**Club Am Schlass**
**26 312 250/255 ou clubamschlass@bertrange.lu**

**Comptes bancaires:**
**BCEE LU15 0019 1001 0292 6000 / CCPL LU54 1111 0070 9110 0000**



## COMMUNE DE BERTRANGE
## SERVICE 50+

2, BEIM SCHLASS | L-8058 BERTRANGE

WWW.BERTRANGE.LU

Club
Am Schlass
*centre de rencontre*

## HEURES D'OUVERTURE

LUNDI AU VENDREDI
08:00 À 12:00 & 13:00 À 16:00

26 312 - 250 / 255

DER BLAUE ENGEL
weil aus 100% Altpapier

EU Ecolabel
www.ecolabel.eu

Circleoffset
Premium White